PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Etat de la nation 2024

Lëtzebuerg, den 12/06/2024

4

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Datt eng Réi Mesuren nom Logementsdësch der Chamber proposéiert gi sinn. Dës goufe schonn am Gesetzesprojet 8353 festgehalen a gestëmmt;
- Datt den Aarbechtsgrupp fir administrativ Vereinfachung seng Aarbechten ofgeschloss huet an elo weider Mesurë sollen ëmgesat ginn;
- Datt verschidde Mesuren dem Staat entweder manner Geld abrénge wäerten, duerch Decisioune wéi d'Erëmaféieren vum Amortissement accéléré. An datt aner Mesuren de Staat kascht wäerten, esou zum Beispill de Pilotprojet, wou ëffentlech Promoteure kënne Wunnengen, déi de Privatsecteur op sengem eegenen Terrain baut, fir 20 Joer lounen amplaz se ze kafen.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. Fir no 1 Joer an no 3 Joer eng Evaluatioun ze maachen, déi soll feststellen, wéi engen Akteuren (Firmen, Primoaquéreuren, Multipropriétairen, Privatstéit) dës Mesuren ze gutt komm sinn an a wat fir engem Moss. Dës Evaluatioun soll och d'Montanten analyséieren, déi eenzelnen Firmen ze gutt komm sinn an si sollen ëffentlech zougänglech gemaach ginn.

S. CLEMENT